

# Concept



## Natierlech Brécke bauen

Bei menger Kreatioun geet et drëm, e Wierk ze kreéieren, dat sech an d'Gesamtkonzept vum Vëlodukt afüügt an mat dësem harmoniséiert. An dem Sënn sollen Eckpunkten vun dësem Projet esou wei déi vum Belval dann och opgegraff ginn an abruecht ginn. Et soll e Wierk sinn dat sech wuel an d' Bild afüügt awer gläichzäiteg als eegent , weidert Highlight um Belval steet.

Esou hunn ech mir als Haaptmotiv en Element gesicht dat een an der Natur beim Waasser ëmmer erëm fënnt. Dëst well d'Waasserbasengen um Belval déi d'Natur esou wei d'Schmelz op eng eenzegartech Weis spigelen fir mech ëmmer e perséinlecht ästhetescht Highlight waren. Dëst ass de Schilf deen zum Thema mat der Natur passt, beim Waasser wiisst an een dësen och um Belval an de Basenge erëm fënnt. Op dësem Motiv hunn ech da mäi komplett Wierk opgebaut.

Natierlech steet dëst natierlecht Motiv och sënnträchtlech fir d'Natur déi am Projet vu Jim Clemes Associates a vum Nico Thurm net nëmme respektéiert ginn ass mee och harmonesch an de Projet agebonn ginn ass. D'Natur behält hir Plaz, gëtt respektéiert an an de Projet agebonn. Dëst soll och de Prinzip a menger Kreatioun sinn. Dëse Spirit zitt sech esou duerch dat komplett Wierk.

Ausserdeem sollen déi natierlech Béi déi duerch d'Blieder vum Schilf entstinn abstrakt Brécken duer stellen. Déi natierlech och de ganze Projet Vëlodukt metaphoresch duerstellen. Dës Konstellatioun aus verschiddene Formen a Gréisste vum Schilf bréngt dann och déi neidesch energeetesch Dynamik.

Fir dëser ganzer Linn trei ze bleiwen hunn ech mech faarflech natierlech och un d'Konzept vum Velodukt gehal a verschidde rout/orange/ giel Téin abruecht, dës sinn natierlech och wei am Konzept vum Nico Thurm a Jim Clemes Associates un der Schmelz inspiréiert. Esou wei een hei och aus engem Deel vum Tome 2 vum Vëlodukt liesen kann : *„Doté d'une grande finesse de dessin, d'une compréhension innée de la matière et d'une riche sensibilité à l'architecture, Nico Thurm, peintre et sculpteur, a apporté une ligne directrice à l'ouvrage. Les teintes dans une chromatique allant du jaune au rouge est empruntée à l'univers industriel, ce qui renforce l'appartenance du projet au lieu."* Och verschidde brong Téin kommen mat dobäi fir och esou e Lien zu den alen Schmelzhalen ze maachen.

Mir war et allerdéngs wichteg och Kontrastfaarwen déi och erëm den Aspekt vun der Natur ënnersträiche mat eran ze bréngen. Dofir kommen dann déi vill gréng Téin mat an d'Spill. Natierlech kommen och nach wieder Faarwen an d'Wierk déi der ganzer Kompositioun déi richteg Balance verschaffe sollen.

E weider wichteg Punkt war et fir mech op enger Réi Plazen och de bruten Bëtong duerch schéngen ze loossen. Dëst well dat natierlech erëm de kreative Punkt vum Här Thurm senger Konscht opgräift, bei der et vill em d'Strukture geet. Déi wéilt ech dann duerch dëst och an dësem Wierk behalen. Ausserdeem soll dëst Duerchschénge vum Bëton och mam Konzept vu Jim Clemes Associates harmonéieren. Och si notzen d'Transparenz an hirem Projet, esou gesäit ee beim Trapenhaus dass duerch déi rout Konstruktioun weiderhin d'Trappen duerch kléng Ëffnungen erkennbar bléiwen. Transparenz ass also e weider wichtege Punkt an dëser Kreatioun.

Wichteg ass nach ze erwänen dass dëst alles just Skizzen an Entwerf sinn, bei der Realisatioun wäert et esou sinn dass ech mir d'Fräiheet behalen d'Formen an Elementer esou ze placéieren wei se am beschten op déi jeeweileg Plaz passen. ET bléift awer alles an dëser Linn. Dëst ass fir déi kreativ Fräiheet bei der Ëmsetzung un der Mauer weider ze behalen.

## Construire des ponts naturels

Mon œuvre vise à s'intégrer dans le concept global du Vëlodukt et à s'harmoniser avec celui-ci. En ce sens, les piliers fondamentaux de ce projet ainsi que ceux de Belval doivent être repris et intégrés. Il s'agit d'une œuvre qui s'intègre dans l'ensemble tout en enrichissant Belval et en constituant un atout supplémentaire pour la site.

C'est pourquoi j'ai cherché un élément que l'on trouve souvent dans la nature près des cours d'eau et qui pourrait servir de motif principal. En effet, les bassins de Belval, qui reflètent la nature d'une manière si unique et se fondent avec elle, ont toujours été pour moi un summum esthétique. C'est pourquoi j'ai choisi les roseaux. Une plante qui correspond parfaitement au thème de la nature, qui pousse près des cours d'eau et que l'on trouve également dans les bassins de Belval. Toute mon œuvre est basée sur ce motif.

Bien sûr, ce motif naturel est aussi un hommage à la nature, qui a été non seulement respectée, mais aussi intégrée harmonieusement dans le projet par Jim Clemes Associates et Nico Thurm. La nature garde sa place, elle est respectée et intégrée dans le projet. C'est aussi le principe de mon œuvre. Cet esprit imprègne toute l'œuvre.

Les courbes naturelles des feuilles de roseau sont censées représenter des ponts abstraits qui symbolisent métaphoriquement l'ensemble du projet Vëlodukt. Cette disposition des feuilles de roseau de différentes formes et tailles crée également une dynamique impressionnante.

Pour rester fidèle à ce concept, j'ai également suivi l'idée du Vëlodukt en termes de couleurs et utilisé différentes nuances de rouge, d'orange et de jaune. Celles-ci s'inspirent bien sûr de la couleur de la Schmelz dans le concept de Nico Thurm et Jim Clemes Associates. Comme vous pouvez le lire ici dans un extrait du tome 2 du Vëlodukt : « *Doté d'une grande finesse de dessin, d'une compréhension innée de la matière et d'une riche sensibilité à l'architecture, Nico Thurm, peintre et sculpteur, a apporté une ligne directrice à l'ouvrage. Les teintes dans une chromatique allant du jaune au rouge est empruntée à l'univers industriel, ce qui renforce l'appartenance du projet au lieu.* » Différentes nuances de brun ont également été utilisées pour créer un autre lien avec les anciennes halls de la Schmelz.

Il était également important pour moi d'utiliser des couleurs contrastées qui soulignent l'aspect naturel. C'est pourquoi j'ai utilisé de nombreuses nuances de vert. Bien sûr, d'autres couleurs sont également présentes dans l'œuvre afin d'assurer un bon équilibre dans la composition globale.

Un autre point important pour moi était de laisser apparaître le béton brut à certains endroits. Cela reprend naturellement l'aspect de l'art de M. Thurm, qui s'intéresse beaucoup aux structures. Je souhaite conserver cet aspect dans cette œuvre. De plus, cette transparence dans l'œuvre doit s'harmoniser avec le concept de Jim Clemes Associates. Ils utilisent


également la transparence dans leur projet, comme on peut le voir dans l'escalier, dont les marches restent visibles à travers de petites ouvertures dans la structure rouge. La transparence est donc un autre aspect important de cette conception.




Il est important de mentionner qu'il ne s'agit ici que d'esquisses et d'ébauches. Lors de la mise en œuvre, je me réserverai la liberté d'agencer les formes et les éléments de manière à ce qu'ils s'intègrent de manière optimale à l'emplacement concerné. Tout restera toutefois dans cette ligne. Cela me permettra de conserver ma liberté créative dans la conception du mur.


# SKETCHES







# DESIGNS











# VISUALS





